



D’Fro konkret un den Héichschoulstatssekretär ass: Wéi ass et zu deem heite Choix komm?

An an deem Sënn géif ech lech Merci soen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Ma da ginn ech d’Wuert direkt un den Héichschoulstatssekretär, wéi den Här Hahn dat gesot huet, weider. Här Statssekretär, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Marc Hansen, *Secrétaire d’État à l’Enseignement supérieur et à la Recherche*.**- Här Président, Dir Dammen an Dir Hären, deen Accord, deen hu mer effektiv d’lescht Woch fonnt mat der ACEL. An ech kann dem Deputéierten Hahn dann och déi heiten Informatiounen mat op de Wee ginn - fir et dann eng Kéier ganz séier ze soen: D’Bourse besteet am Moment aus véier Elementer, der Bourse de base vun 2.000 Euro; der Bourse de mobilité vun am Moment 2.000 Euro; der Bourse sociale, déi opgedeelt ass no verschiddenen Akommeskategorien vun den Elteren, an dann nach eng Bourse familiale vu 500 Euro. An da kommen dobäi natierlech och nach d’Frais d’inscription, déi bezuelt ginn.

Mir hu bei der Bourse de mobilité 2.450 Euro dorausser am Moment an deem Accord fonnt, wat mer herno jo och a Gesetzestexten musse schreiwen: 22,5% Augmentatioun.

Da geet d’Bourse sociale an deene verschiddene Kategorien och an d’Luucht. An dee substantziellen Deel dovunner ass eben an der ënneschter Kategorie, wou et eng Augmentatioun ass vu 26,7%: Dat sinn 800 Euro, déi mat dobäikommen.

Mir hunn decidéiert, d’Bourse de base do sinn ze loossen, wou se ass an deem doten Accord an d’Bourse familiale och. Datselwecht gëllt fir d’Frais d’inscription.

Wéi d’Reform gemaach ginn ass, war et natierlech d’Uleies, fir ze kucken, dass jiddwereen an deem Land kéint studéieren goen, dat souwuel hei am Land wéi am Ausland, wéi dat och an der Lëtzebuerger Traditioun ass, egal aus wat fir engem Kontext e géif kommen. Dofir hu mer dann och elo, wou mer déi ganz Saach ugaange sinn, eng Etüd gemaach, zesumme mat de Studenten, mat dem ILReS, fir och eng Kéier d’Besoine feststellen, fir dass mer och kéinten en connaissance de cause nach eng Kéier eng Adaptatioun maachen, well mer an der Transparenz ëmmer gesot hunn, dass mer dat mat de Studente géife maachen an no engem Joer och eng Evaluatioun géife maachen. An dee Prozess hu mer dat lescht Joer gemaach, fir déi Donnéeën ze kréien a fir dann och déi Adaptatiounen ze diskutéieren.

D’Bourse sociale hu mer ganz bewusst du gehuewen, well et och erauskoum an den Diskussiounen mat de Studentevertrieder, dass grad an deenen ënneschte Kategorie vum dem Akommes vun den Elteren déi Studenten awer nach am meeschte Suergen hätten, fir kënne studéieren ze goen. An dofir hu mer och nach eng Kéier eng Adaptatioun gemaach, déi an deene Kategorien am stäerkste gegraff huet.

Et geet nämlech drëm, an de Kategorien - ënnert dem Mindestloun si mer 26,7%, duerno ass et 23,1% oder 20,5% an der Kategorie zwëschent annerhallemol de Mindestloun an zweemol de Mindestloun -, fir ebe grad an deenen akommeschwaachste Famillje kënnen ze garantéieren, dass d’Studente kënnen hir Studien och maachen am Ausland.

D’Bourse de mobilité hu mer an d’Luucht gehuewen och aus engem ganz erkläerleche Grond. Bei eiser Etüd, déi mer gemaach hu mat dem ILReS, kouw och dobäi eraus, dass bei de Studenten, déi am Ausland sinn, ronn 45% vun hire Moyenen, déi se hunn, an de Logement géife fléissen. An dee Logement, deen ass, deemno wouhin ee geet, natierlech relativ héich. Dat geet vun 350 Euro an den Nopeschregiounen bis awer och op 700 Euro oder 800 Euro, deemno wou ee studéieren geet. Fir nëmme Stroossbuerg ze nennen, do leie mer da bei ronn 460, 470 Euro. An dat kann awer nach an d’Luucht goen. A well dee Logementsdeel am Ausland awer esou e wichtege ass, hu mer gesot, mir géifen do eng Adaptatioun maachen op där Bourse de mobilité. Dowéinst kouw et zu deenen doten zwou Adaptatiounen.

Dat ass am Accord gemaach gi mat de Studentevertrieder vun der ACEL, déi dat doten och esou kënnen novollzéien an déi och dovunner ausginn, dass, wann déi Adaptatiounen gemaach ginn, dass mer dann de Besoine vun de Studente konnten entgéintkommen an dass da jiddweree ka studéieren goen, egal aus wat fir engem Kontext e kennt.

Dat bedeit dann och an der Zesummenaarbecht (veuillez lire: am Zesummespill) tëschent Bourse de mobilité a Bourse sociale an der ënneschter Kategorie, wann een d’Kritären all erfüllt, eng Erhéijung vu ronn 1.250 Euro, wat awer substantziell ass, an ech mengen, dann

och op deene Punkten deene Studenten entgéintkennt, déi wëlle studéieren goen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

## 5. Ordre du jour (suite)

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Statssekretär. Ech wollt lech da proposéieren, op Wonsch vun der Regierung - de Justizminister muss ganz schnell, esou schnell wéi méiglech op Bréissel fueren -, fir den Ordre du jour liicht ze inverséieren. Mir hu mat deenen eenzelne Fraktiounen geschwat, do ass kee gréissere Widdersproch an et handelt sech jo bei deem Projet, fir deen den Här Justizminister zoustänneg ass, ëm e Basismodell. Mir géifen dann d’Heure d’actualité iwwert d’Restrukturierung bei der Post direkt hannendrun huelen.

An d’Wuert huet dann, wann d’Chamber elo näischt dorunner aussetzen huet...

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Ech géif dem Rapporteur vum Projet - ech muss dat och elo kucken -, vum Projet 6718, der Ëmsetzung vun enger Direktiv iwwert d’Kontabilitéit an deene klengen Entreprises, d’Wuert ginn. An dat ass keen anere wéi den Här Franz Fayot.

## 6. 6718 - Projet de loi modifiant, en vue de la transposition de la directive 2013/34/UE du Parlement européen et du Conseil du 26 juin 2013 relative aux états financiers annuels, aux états financiers consolidés et aux rapports y afférents de certaines formes d’entreprises, modifiant la directive 2006/43/CE du Parlement européen et du Conseil et abrogeant les directives 78/660/CEE et 83/349/CEE du Conseil:

1) la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales;

2) le titre II de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises;

3) le titre II du livre I<sup>er</sup> du Code de commerce

### Rapport de la Commission juridique

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.**- Merci, Här Präsident. Léif Kolleginnen, Léif Kollegen, léif Membere vun der Regierung, ier mer also iwwert d’Post schwätzen, musst Der nach e bëssen Droit comptable iwwer lech ergoe loossen. Ech probéieren, dat relativ zügig ze maachen.

Mir schwätzen hei, am Kader vun deem Projet de loi, iwwert d’Transpositioun vun enger Direktiv. Dës Projet de loi huet zwee Voleten. Deen een, dat ass d’Transposition minimale vun der Direktiv, haaptsächlech am Sënn vun enger Erliichterung vun de kontabel Regele fir Kleng- a Mëttelbetriber. An deen zweete Volet ass de sougenannten „country-by-country reporting“ fir verschidden Obligatiounen aus der extraktiver Industrie.

De Projet de loi hei huet, wéi gesot, mat Kontabilitéit ze dinn. Dat ass eppes, woumat all Entreprise konfrontéiert ass, ob se kleng, mëttel oder grouss ass. A wann een d’Kontabilitéit méi einfach mécht, ass dat och eng Aart a Weis, fir den Entrepreneuriat ze ënnerstëtzen, haaptsächlech am Mëttelstand. Dat mécht dës Projet de loi an dofir ass en och ze begrëssen!

Kleng, mëttel, grouss Betriber ginn definéiert ënnert der Direktiv en fonction vun dräi Kritären: éischtens dem Émsaz, zweetens dem Total vum Bilan an, drëtzens, der Zuel vun de Salariéen. D’Direktiv an och eben de Projet de loi gesi vir, dass minimal Uspréch besti fir kleng Betriber. Et ass souguer och eng Optioun fir Microentreprise virgesinn an der Direktiv, déi awer allerdéngs elo nach net ëmgesat ginn ass. An déiselwecht Dispositiounen spillen och fir Gruppen. Dat ass näischt Revolutionäres, dat hu mer och elo schonn am Kontasgesetz vun 2002. Mä déi Kritäre sinn e bësse méi breet a mir hunn déi och op eng maximal Aart a Weis ëmgesat, soudass mer u sech och do eppes fir d’Kompetitivitéit vun eise Mëttelstand maachen.

Dës Direktiv schreift sech natierlech och an eng europäesch Démarche an. Et handelt sech, wéi gesot, ëm d’Ëmsetzung vun enger Direktiv, déi zwou al Direktive vun ’78 an ’83 ofschaft. An et geet hei och am Kär ëm eng Stimuléierung vun europäesche Wuesstum duerch eng Erliichterung vun administrativen Opwand fir

kleng Betriber, mä och ëm eng Harmoniséierung vun den nationale Gesetzter, fir e bessere Vergleich um Niveau vun der Europäescher Unioun méiglech ze maachen.

Bei eis hate mer schonn esou wäit wéi méiglech déi Ënnerstëtzung ënner Form vu Simplification administrative fir Betriber, fir kleng Betriber gemaach, doduerch dass mer verschiddenen Optiounen, déi ënnert de Kontabilitéitsdirektive méiglech waren, ëmgesat hunn.

Här Präsident, léif Kolleginnen, léif Kollegen, wéi gesot, dës Gesetz proposéiert u sech eng minimalistesch Ëmsetzung vun der Direktiv duerch verschidden Upassungen um Gesetz iwwert d’Gesellschaft vum 1915, och vum Code de commerce, mä an der Haaptsaach vum Gesetz vum 19. Dezember 2002 iwwert d’Kontabilitéit, wat jo de Sëtz vun eise Droit comptable ass.

Bei dës Gesetz kennt och nach e Règlement grand-ducal derbäi, deen d’Form vum Bilan a vum Compte de profits et pertes adaptéiert. De Bilan gëtt manner geännert wéi de Compte de profits et pertes, deen op eng relativ substantziell Aart a Weis geännert gëtt an dee sech da künfteg ënner Form vun enger Lëscht presentéieren wäert.

Mir kruten och gesot, dass d’Regierung un engem anere Projet schafft, deen eng Réforme d’envergure vum Droit comptable virhëlt. Ech si sécher, dass de Minister wäert dorobber agoen. Dozou gehéieren insbesonnesch dann eng Approche, déi Approche Bottom-up, déi ënnert der Direktiv zréckbehalen gëtt, an och eng Moderniséierung vun der Terminologie.

Mä fir sech Zäit ze ginn, fir dës Reform op eng kohärent Aart a Weis ze maachen, ass mat deem Projet dat Néidegst gemaach ginn an eben an deenen Délaien, déi relativ enk sinn. Wëssend, dass dës Regele sollen ab dem 1. Januar 2016 gëllen, ass eben elo, wéi gesot, eng Transposition de minimis vun dëser Direktiv hei gemaach ginn.

Här Präsident, ech géif elo gäre kuerz op déi parlamentaresch Aarbecht zu deem Projet de loi agoen. De Projet ass déposéiert ginn de 15. September 2014. Mir kruten dann am Summer, am Juli den Avis vum Statsrot. Et sinn och eng Partie Aise komm vun der Chambre de Commerce, vun dem Ordre des Experts-comptables a vum IRE, déi och analyséiert gi sinn. Mir hunn dann an der Commission juridique den 23. September dee Projet hei ënnersicht, zesumme mam Avis vum Statsrot, an de 7. Oktober eng Lettre d’amendement erausgeschéckt zu deem Projet de loi.

Et waren eng Rei Oppositions formelles vum Statsrot, haaptsächlech weinst onkompletter Ëmsetzung vun der Direktiv, déi awer relativ einfach konnte geléist ginn. Et ass och vun deem Avis vum Statsrot profitéiert ginn, fir awer trotzdem e puer Nobesserungen zum initiale Projet ze maachen.

Ech géif der hei gären e puer nennen, ouni ze vill an d’Detailer vun deem dach ganz technesche Projet ze goen. Mir hunn, éischtens, eng uniform Definitioun vum Term „significatif“ agefouert an de Projet. Dat ass fir Leit, déi e bëssen eppes vu Kontabilitéit kennen, e wichtege Term, well en u sech déi Informatiounen identifizéiert, déi relevant sinn, wann een e Bilan liest. D’Direktiv huet esou eng Definitioun an déi hu mer och tel quel adoptéiert.

Da kann een nach ervirhiewen, dass den Institut vun de Réviseurs d’entreprises wéi och de Statsrot proposéiert hunn, eng Optioun ze adoptéieren, déi u sech d’Regroupements d’entreprises au sein d’un groupe proposéiert. Dat ass eng Regel, déi eng Kontabiliséierung an deem Grupp virgesäit, déi verschidden Incidences huet, och steierlech, dat heescht, déi mécht, dass ee keng sougenannten „Découverte“ muss maache vu Plus-valuen, wat, wéi gesot, och steierlech Konsequenzen huet. Mir hunn och dann decidéiert, déi Période d’amortissement vum Fonds de commerce op maximal zéng Joer unzehiewen. Dat ass eng Optioun, déi d’Direktiv och offréiert.

An da schlussendlech géif ech gär nach op e wichtege Punkt agoen, dee mer och an der Kommission diskutéiert hunn. Dee betrëfft den Artikel 66 vum Gesetz vun 2002 iwwert d’Publikatioun vun de Participatiounen. Mir hunn zréckbehalen, conformément zum Avis vum Statsrot a vum Ordre des Experts-Comptables, dass SOPARFlen - dat heescht, dat si Gesellschaften, déi Participatiounen halen - déi Participatiounen musse verëffentlechen, obwuel se dat ënnert dësen neie Règles comptables net hätte misse maachen. Well Dir kennt déi dräi Kritären: Total vum Bilan, Total vum Émsaz, Total vu Salariéen. Natierlech sidd Der bei SOPARFlen do ëmmer an engem klengen oder mëttlere Betrieb, well Der ni zwee vun deenen dräi Kritären erfüllt.

Et ass dofir decidéiert ginn u sech sur base vum Prinzip vun der Image fidèle, en „opt-out“ un-

zehuelen, dat heescht, fir trotzdem zréckzebehalen, dass d’SOPARFle mussen hir Participatiounen publizéieren. Mir hu gemengt, dass et an Zäite vun Transparenz, och vu Steiertransparenz, wichteg wär, fir dës Prinzip zréckzebehalen a fir ebe weider en annexe zu de Konte vun deene Gesellschaften déi Participatiounen ze publizéieren.

Här Präsident, den zweete Volet vun deem Projet de loi - ech hunn e bësse Problemer hei mat mengem Compteur; ech weess net esou richtig, wou ech dru si mat menger Zäit -...

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Gitt einfach Gas!

(*Hilarité*)

► **M. Franz Fayot (LSAP), rapporteur.**- Voilà! Den zweete Volet vum Gesetz bezitt sech op den „country-by-country reporting“. Dat heescht, dass Betriber, déi eng gewësse Gréisst hunn an déi täteg sinn am Beräich vun der Extraktioun vu Buedemschätz an och an der Forstwirtschaft, Bezuelunge vu méi ewéi 100.000 Euro mussen an engem spezielle Rapport deklaréieren. Dat sinn Antikorrupsionsregeln, déi natierlech absolutt ze begrësse sinn, déi zu Lëtzebuerg eng relativ kleng Incidence hunn. Et ass u sech haaptsächlech ee Grupp dovunner betrëfft, deen dat awer scho säit längerer Zäit fräiwëlleg mécht.

Et ass just hei an deem Kontext ze bedauern, dass et ewéi an esou munch anere Beräicher keen „level playing field“ gëtt, well d’Amerikaner zwar den Dodd-Frank Act vun 2010 hunn, an dass awer déi Regel, déi dat soll implementéieren, vun der Industrie dohannen attackéiert ginn ass an och ausser Kraaft gesat ginn ass, soudass mer hei als Europäer erëm eng Kéier allein auf weiter Flur sinn, wéi an esou munch anere Beräicher och.

Här Präsident, ech kommen elo zu engem Schluss. Mir hunn deemnächst och an der Chamber nach eng Diskussioun iwwer e weidere Projet de loi, deen d’Kontabilitéit betrëfft, dat ass den 6868 iwwert d’Publication d’informations non financières, deen eng aner Direktiv vun 2014 ëmsetzt. Et geet hei ëm d’Verëffentlechung vun netfinanziellen Informatiounen an därer iwwert d’Diversitéit a groussen Entreprises an a grouse Gruppen.

Dat ass e wichtege Projet, deen d’gesellschaftlech Verantwortung vu Betriber an de Mëttelpunkt stellt: Banken, cotéiert Gesellschaften an Assurancé mat méi wéi 500 Employéé mussen an Zukunft relevant Informatiounen zu hirer Politik iwwer gesellschaftlech Responsabilitéit, iwwer Ëmwelt- a Sozialenjeuen, mä och Mënscherechter a Kampf géint d’Korruptioun mat hire Konte verëffentlechen. Och hei bleift d’Konta also net bei dréchenen Zuelen, an dat ass gutt esou!

Här Präsident, ech géif ofschléissend gären de Kollegen aus der juristescher Kommission Merci soe fir d’Aarbecht op deem Projet de loi. Ech géif och gären dem Minister a senge Beamte Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht am Kader vun deem Projet de loi, dann och den Accord vu menger Fraktioun heizou ginn a Merci soe fir d’Nolauschteren.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci och dem Här Fayot. An d’Wuert huet direkt den Här Léon Gloden.

### Discussion générale

► **M. Léon Gloden (CSV).**- Merci, Här Président. Fir d’Éischt och vu menger Fraktioun aus dem Rapporteur Merci fir de schrëfflechen a mündleche Rapport. Aus menger fréierer Zäit als Rapporteur vun esou Projekte weess ech, datt dat net déi „sexiest“ Projekte sinn. Se sinn awer wichteg fir eis Finanz- a Businessplaz.

Ech wollt elo op eng Rei Saachen agoen, mä vu datt de Minister e bëssen ënner Zäitdrock ass an ech net ka verantworten, datt en de Code de la Route violéiert, fir op Bréissel ze kommen, ginn ech heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.**- Merci dem Här Gloden. An d’Wuert huet dann direkt d’Madame Viviane Loschetter.

► **Mme Viviane Loschetter (déi gréng).**- Jo, Merci fir d’Wuert, Här Präsident. Ech wollt weinstens en häerzleche Merci un de Rapporteur Franz Fayot ausdrécken. Hien huet mat immens vill Kompetenz an Ausdauer sech un deen do Projet de loi ginn, dee ganz technesch ass, dee ganz komplex ass. A quitte datt mer duerch dee Projet och eng flott Diskussioun hatten an der Commission juridique, denken ech, datt et wichteg ass, hei nach eng Kéier ze ën-





nersträichen a Merci ze soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport an och den Accord vun der grénger Fraktioun heimadder ze ginn.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président***.- Merci och der Madamm Loschetter. An d'Wuert huet elo direkt den Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt (*DP*)**.- Merci, Här President. Léif Kollegen a Kolleginnen, ech si frou, datt mir dëse Projet haut nach virum Enn vum Joer stëmmen kënnen. Mir hunn zwar wuel de fixéierten Délai, fir d'Europäesch Direktiv 2013/34 bis den 20. Juli ëmzesetzen, verpasst, mä déi nei Dispositiounen kënnen awer nach, wéi virgeschriwwen, ab dem 1. Januar 2016 applizéiert ginn.

Dofir wëll ech och direkt dem Rapporteur, dem Franz Fayot, Merci soe fir seng gutt Aarbecht a säin exzellente schrëftlechen ewéi mëndleche Rapport.

D'Direktiv, déi mer mam Unhuele vun dësem Projet de loi a lëtzebuergesch Recht transposéieren, schreift sech an an de Programm „Mieux légiférer“ an an d'Kommunikatioun „Une réglementation intelligente au sein de l'Union européenne“ vun der Europäescher Kommissioun. Besser légiféréieren oder méi intelligent reglementéieren heescht an dësem Fall virun allem, d'Kontabilitéitsregele speziell fir sougenannten „Microentreprises“ oder kleng Entreprises erhieftlech ze vereinfachen.

Zu Lëtzebuerg wësse mer scho méi laang, datt och déi Kleng eng grouss Roll an eiser Wirtschaft spillen. D'Kommissioun huet dat 2008 an hirer Kommunikatioun «„Think Small First“: Priorité aux PME - un „Small Business Act“ pour l'Europe» och unerkannt a wëllt der wuessender Wichtigkeet vun de sougenannten „PMEen“ an der europäescher Wirtschaft méi Beuechtung schenken. D'Direktiv 2013/34 ass eng direkt Konsequenz vun dësem Bestriewen.

Nieft de reglementären Entlaaschtungen fir d'PMEen huet d'Direktiv als zweete grouss Volet d'Zil, fir méi Transparenz bei groussen Entrepreneuren ze suergen, déi notament am Beräich vun der Pétrol-, Gas- a Minièresindustrie aktiv sinn oder Bëscher exploitéieren. Hei ass jo dann och zu Lëtzebuerg virun allem ee Betrib ganz besonnesch betrafft.

Et geet drëm, d'Obligatioun anzeféieren, datt déi ugeschwaten Entrepreneuren eng „déclaration pays par pays“ oder „country-by-country reporting“, kuerz BCBR, mussen maachen. Dat bedeit, datt Betriber, déi am Beräich vun de Matières premiéres aktiv sinn, pro Land mussen opféieren, wat hir Aktivitéiten mat deene jee-weilege Regierungen waren, respektiv wat fir eng Paiementer an Héicht vun iwwer 100.000 Euro un déi Regierung gefloss sinn.

Déi Verflichtung ass einfach erkläert an och duerchaus sënnavoll. Et geet nämlech drëm, d'Korruptioun duerch méi Transparenzregelen opzedecken, dëst virun allem an Dréttweltlänner mat villen natierleche Ressourcen. D'Zäit vum staatleche Kolonialismus ass zwar ewell eng Zäitchen eriwwe, an awer wësse mer, datt déi privat Kolonialzäit grad eréischt ugefaangen huet, an dat virun allem op d'Käschte vun deenen Äermsten an de betraffene Länner.

Déi drëtt grouss Innovatioun, déi dëse Projet de loi mat sech bréngt, läit am Beräich vun der Responsabilité sociétale des entreprises. Cotéiert Entrepreneuren, Banken an Assurancé mat op d'mannst 500 Salarié mussen an Zukunft uginn, wéi hir Aktivitéiten d'Ëmwelt, d'sozial Standarden, de Respekt vun de Mënscherechter an de Kampf géint d'Korruptioun beaflossen.

D'Demokratesch Partei kann nëmme begrëssen, datt mir mat dësem Projet de loi eis Bestriewunge fir eng Reduktioun vu komplizéierte Regulatiounen fir kleng a mëttelgrouss Betriber weiderdreiven.

Natierlech kommen op e puer ganz grouss Betriber elo kleng zousätzlech Efforten duer. Ech mengen, mir sinn eis all eens, datt dës awer minimal Méibelaaschtungen engem gudden, wann net souguer onverzichtbaren Zweck zugronn leien.

An deem Kontext begrësse mir och, datt virgesinn ass, datt d'Kommissioun dës nei Oplagen an hir Effizienz regelméisseg evaluéiere wäert. Et soll eis net drëm goen, eis Betriber onnéideg ze belaauchten, mä de proportional einfachste Wee zu eisem Zil ze fannen. Solt et sech erausstellen, datt dës nei Regeln net zu manner Korruptioun an net zu méi soziale Fortschréitter féiere sollten, muss deem deementspreechend Rechnung gedroe ginn.

Ofschléissend sief dann nach gesot, datt allen Observatiounen vum Statsrot Rechnung gedroe

ginn an an dësem Projet och ausräichend d'Dispositiounen vun der Direktiv an nationaalt Recht transposéiert ginn. Dofir ginn ech och ganz gären den Accord vun der DP-Fraktioun fir d'Unhuele vun dësem Projet de loi a soen lech villmools Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président***.- Merci och. An d'Wuert huet direkt den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (*ADR*)**.- Merci, Här President. Och am Mumm vun der ADR bréngen ech d'Zoustëmmung zu dësem Projet a wëll dem Franz Fayot häerzlech Merci soe fir säin exzellente Rapport.

Ech hunn u sech just eng Remarque ze maachen. Mir soen: „Et ass eng Vereinfachung fir kleng Betriber.“ Dat ass et. Mä och eng Vereinfachung ass eng Verännerung. An obwuel verschidde berufflech Korporatiounen ewéi d'Experts-comptables oder d'Réviseurs d'entreprises schonn 2014 befaasst goufen an hire Rapport gemaach hunn, gëtt et ebe grad an deene kleng Betriber ganz vill Kontabelen, sief et inhouse, sief et kleng Kontabelsbetriber, déi mer domat konfrontéieren, datt mer haut, den 9. Dezember, e Gesetz stëmmen, wat den 1. Januar soll a Kraaft trieden. Ech mengen, do ass eppes mat eisem Timing vun den Ofstëmmungen net ëmmer ganz glécklech an net ëmmer ganz praxisgerecht.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président***.- Merci och. An d'Wuert huet den Här David Wagner.

► **M. David Wagner (*déi Lénk*)**.- Merci, Här President. Mir soen och dem Rapporteur Merci fir säi Bericht.

Mir wäerten dee Projet de loi och matdroen, well mer mengen, datt en awer e Fortschrétt duerstellt an dat och oft eng Revendicatioun vun ONGe war. Mir sinn och frou, datt awer schlussendlech gemierkt ginn ass, datt Sociétés à participation financière net onbedéngt kleng Betriber sinn, an datt den „opt-out“ do spillt. Soss wier et vläicht net onbedéngt am Gescht vun deem Projet de loi gaangen. Mä mir wäerten dat elo matstëmmen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président***.- Merci och dem Här Wagner. An d'Wuert huet dann direkt de Justizminister.

#### **Prise de position du Gouvernement**

► **M. Félix Braz, *Ministre de la Justice***.- Merci, Här President. Merci och un d'Chamber fir d'Flexibilitéit fir d'Ëischt an och un de Kolleg Etienne Schneider, fir den Ordre du jour kuerz unzepassen. Ech kann den Här Gloden awer berouegen, wann ech an enger Stonn hätt misse fueren, hätt ech nawell de Code de la Route respektéiert.

Ech wëll awer och e Merci lassginn un déi ganz Commission juridique, déi hei wierklech a kuerzer Zäit eng ganz gutt Aarbecht gemaach huet, an natierlech a selbstverständlech och besonnesch dem Franz Fayot, deen hei net nëmme mat vill Engagement, mä virun allem och mat vill Kompetenz gehollef huet, e Projet virum Enn vum Joer nach zum Ofschloss ze bréngen, dee vun enger héijer Technicitéit ass, wou net all Mënsch op deem doten Niveau an deene Projeten dran ass.

De Franz Fayot huet hei wierklech, wéi ech fannen, eng ganz dévouéiert a gutt Aarbecht geleescht, an et ass och him ze verdanken, dass mer dee Projet nach, wéi vun der Direktiv verlaangt, fir den 1. Januar a Kraaft kënnen triede loosse.

Dat ass den Délai, dee mer gesat kritt hunn duerch d'Direktiv, a mir kréien dee knapps respektéiert, woubäi ech awer net wëll leegnen, wat den Här Reding gesot huet: Selbstverständlech ass dee kuerzen Délai, deen eis elo nach bleift, fir deen een oder anere Betrib mat Upassungsschwieregkeete vläicht verbonnen. Do mussen mer derduerch! Ech hu leider keng aner Optioun, déi ech ka presentéieren. Mä ech mengen, och déi Hürd wäerte mer huelen, well ënnert dem Stréch awer am Projet selwer och fir d'Betriber Gewënner am Text stinn. Déi kuerz Zäit, déi mer elo hunn, fir eis unzepassen, ass net d'Schold vun der Chamber. Et ass och vläicht, well dat alles insgesamt e bëssen ze spéit an d'Rulle komm ass. Mä dat ass haut net méi relevant. Ech si frou, dass mer deen Text haut kënnen unhuelen.

Ech wëll just nach zwou Remarquen un dat drunhänken, wat de Franz Fayot, awer och de Guy Arendt scho gesot hunn, nämlech dass mer effektiv elo un engem weidere Projet schaffen, fir eisen Droit comptable an enger méi globaler Revisioun och ze iwwerschaffen. Ech hunn eiser Kommissioun vun den Normes comptables schonn d'Demande ausgeriicht, dass se hir aktuell Reflexiounen sollen elo synthetiséieren, fir dass mer kënnen zu engem Text kommen. Dat ass noutwendeg.

A mir hunn - de Franz Fayot huet drop higewisen - nach eng zweet Direktiv, déi och schonn duerch e Projet de loi an der Chamber ofgedeckt ass, deen hei déposéiert ass, nämlech déi iwwert d'Publikatioun vun de sougenannten „informations non financières“. Och dat ass eng ganz wichteg Direktiv. Mir wäerten also elo a relativ kuerzer Zäit eis nach zumindest zweemol, an eng Kéier wierklech an enger globaler Revisioun, mat de Kontabilitéitsregele vu Lëtzebuerg beschäftegen. An ech mengen, dass dat och ubruecht ass, an ech freeë mech och elo schonn op deen doten Échange.

Deen anere Volet, deen an dësem Text, dee mer haut unhuelen, viséiert ass, nämlech déi noutwendeg Transparenz iwwert d'Paiementer, déi Betriber an och Entitéiten maachen, déi an der Extraktiounsindustrie, awer och an der Forstindustrie aktiv sinn, halen ech fir e ganz grouss Fortschrétt. Dat bréngt och mat sech, dass an enger ganzer Rei vu Länner déi Regierungen, déi déi dote Geschäfte validéieren, och en Drock kréien, fir sech virun hirer Opinion publique mussen ze justifiéieren fir Décisiounen, déi se huelen, fir Marchéen, déi se validéieren. Dat ass e riseg Fortschrétt, wann ee wëllt Transparenz an déi Geschäfte kréien an awer och derfir suergen, dass d'Benefisser vun deene Geschäfte vläicht an deene Länner, déi Matière-premiéren hunn, méi gerecht an der Populatioun verdeelt ginn, wéi dat haut de Fall ass. Et c'est peu de le dire.

Dofir halen ech dat wierklech och fir e grouss Fortschrétt, och wa mir nëmmen duerch ee Betrib a priori betrafft sinn. Mä déi doten Direktiv, déi och an anere Länner ëmgesat muss ginn, wäert op deem dote Punkt fir vill méi Transparenz an hoffentlech dann och am Endeffekt fir méi Gerechtegkeet suergen an deenen dote Länner bei der Redistributioun vun de Gewënner, déi aus där doter Industrie an de Länner, déi d'Matière-premiéren hunn, erwirtschaft ginn.

Voilà, dat waren déi puer Remarquen. Här President, ech wëll all de Fraktiounen a Sensibilités politiques och Merci soe fir d'Ennerstëtzung a fir dee positive Vott, a Merci nach eng Kéier, dass Der esou flexibel waart.

► **M. Etienne Schneider, *Vice-Premier Ministre***.- Gär geschitt!

► **M. Mars Di Bartolomeo, *Président***.- Merci och dem Här Minister. A mir géifen dann nom Ofschloss vum Débat direkt zu der Ofstëmmung iwwergoen.

#### **Vote sur l'ensemble du projet de loi 6718 et dispense du second vote constitutionnel**

Fir d'Ëischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwe. De Projet ass eestëmmeg mat 60 Stëmmen ugehol.

*Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par M. Laurent Mosar), Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert (par Mme Nancy Arendt), MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Gilles Roth, Marco Schank (par Mme Martine Mergen), Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marc Spautz), Michel Wolter et Laurent Zeimet;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol (par M. Marc Angel), MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger (par M. Lex Delles), Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Max Hahn), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Gérard Anzia (par M. Claude Adam), Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;*

*MM. Serge Urbany et David Wagner.*

An ech géif d'Chamber da just nach froen, ob se d'accord ass, fir de Projet vum zweete Vott ze entbannen?

#### **(Assentiment)**

Dat ass dann esou décidéiert.

Mir géifen dann elo erëm no vir goen an zu eiser Aktualitéitsstonn iwwergoen, déi vun der CSV ugefrot ginn ass an déi sech ëm d'Restrukturierung bei verschidde Postservicer dréit. An d'Wuert huet direkt den Här Félix Eischen.

Et sief just drun erënnert, dass den Auteur vun der Heure d'actualité, also deen, dee se ugefrot

huet, zéng Minutten huet. All déi aner hu fënn Minutten an d'Regierung eng Véirelstonn. Här Eischen, Dir hutt d'Wuert.

## **7. Heure d'actualité du groupe politique CSV au sujet de la restructuration de l'Entreprise des Postes et Télécommunications et notamment de la présence des bureaux de poste**

### **Exposé**

► **M. Félix Eischen (CSV)**.- Merci, Här President. D'Post koum an de leschten Deeg massiv an d'Aktualitéit duerch dat geplangtent Zoumaache vun net manner ewéi 35 Büroes queesch uechtert d'Land.

Et ass normal, dass e moderne Betrib sech den Erausforderungen vun der Zäit stellt, sech erneiert a sech natierlech och moderniséiert. Mä opgrond vun deem, wat an de leschte Wochen an Deeg geschitt an décidéiert ginn ass, mussen mer eis allerdéngs eng Rei Froen stellen.

Éischte Punkt: den ominéisen Déngscht a Service um Client. E wichtegen Atout vun der Post war a soll och ëmmer d'Proximitéit bleiwen. Hei ginn elo an enger éischter Etapp fënn Postbüroen zougemaach an ënner anere duerch Point-de-venten, sief dat an de Supermarchéen, an de Banken oder op den Tankstellen, ersat. 35 Büroen: Dat ass net näischt!

A wann an der Wirtschaftskommissioun gesot gouf, dass d'Distanzen tëschent den eenzelne Punkten, wou dann an Zukunft wäerten d'Postservicer ugebuede ginn, ni méi wäit ewéi fënn Kilometer sinn, sou schéngt dat eis awer zimlech schwéier novollzéibar ze sinn, wann ee kuckt, wat zum Beispill am Éislek oder am Oste vum Land, fir just dës Regiounen ze zitieren, zougemaach gëtt, wou d'Postbüroen da ganz rar wäerte ginn a wou och net op all puer Kilometer e Supermarché oder eng Tankstell ass.

Et geet also ëm den Déngscht um Client. Doudou gehéiert och, dass een an engem Postbüro all Servicer ugebuede kritt. Et kann een also Suen op säi Postchèque setzen, et kann ee Päck ofhuelen, e Recommandé verschécken an esou weider an esou fort. Mä wéi ass dat dann an Zukunft? D'Leit stelle sech déi Froen. Muss ee fir en Timber fir d'Ëischt an den Drinkshop fueren, uschléissend da bei d'Bank, fir d'Finanzoperationen ze maachen, an zu gudder Lescht op eng Tankstell fueren, fir säi Pak opzeginn oder ofzehuelen?

Et kann ee sech d'Fro stellen, ob de Service um Client - den Universalservice um Client - wierklech hei optimiséiert gëtt, wann an Zukunft op dräi verschidde Plaze muss gefuer ginn, wou de Client da soss wéi fréier alles zentral op enger Plaz maache konnt.

Et gëtt vu Synergie geschwat, déi sécher ze begreisse sinn. Nei Kooperatiounen ginn an de Raum gestallt, mä ier dat dann ausgelot a getestet gouf, gëtt elo emol de Kalschlag gemaach. Esou kënn et op jidde Fall ganz ville Leit dobause vir. De klere Mënscheverstand seet engem: Kommt, mir probéieren eppes! Kommt, mir testen dat! Kommt, mir kucken, wéi d'Clientèle sech drainéiert, ob se dann och esou matmécht, wéi dat geplangt ass! An dann uschléissend - uschléissend! - ziele mer doraus d'Konklusiounen. An dann eréischt maache mer zou.

An dat ass hei net geschitt. Dat ass och am Widersproch mat der Planung, esou wéi een dat konnt verstoen, vun där ganzer Restrukturatioun virun néng Joer, déi faméis Strategie 2016-2025. Do gouf sech en Zäitraum gesat, fir näischt ze iwwerstieren. An do wier och genuch Zäit gewiescht, ze testen an dann e Bilan ze zéien.

An da sinn, Dir Dammen an Dir Hären, esou Synergie jo och net nei. An et gëtt och Plazen, wou et net geklappt huet. Wat mécht d'Décideuren dann haut esou sécher, dass dëst de richtige Wee ass? D'Kooperatioun mat engem grouss Supermarché leeft elo zanter enger Zäitchen. E Bilan soll am Januar gezu ginn. Huet et dann elo wierklech presséiert? An déi Fro muss ee sech stellen: Huet et wierklech elo presséiert, ee Mount virun engem éischte Bilan, no vir ze preschen an de Réseau vun de Postbüroen esou drastesch ze reduzéieren?

D'Fro, déi sech dann och hei stellt: Wéi ass et da mat der Formatioun vun deene Leit, déi an deenen neie Point-de-venté solle schaffen?

Fir e Kommunikatiounsbetrib wéi d'Post ass et wierklech keng grouss Eier, an dat muss een esou soen, dass am Virfeld net mat de Leit geschwat ginn ass. Ech schwätzen elo haaptsächlech d'Buergermeeschteren un. Et ass net mat de Buergermeeschteren geschwat ginn. D'Buergermeeschteren, déi hir Leit aus der Gemeng mat am beschte kennen. Et sinn d'Buergermeeschteren, déi wëssen, wéi hir Gemeng funktionéiert, wat leeft a Saachen Awunnerzuelen, Aktivitéitszonen, Ausbau vun deenesel-